

EIS BEIEN A.s.b.l.

KATALOG

Hunneg · Gedrénks · Oxymel · Käerzen · Kaddoen · Beieschutz



D'Beien un éischer Plaz

Fräiwëllegt Engagement fir d'Beienzuucht, d'Natur an d'Biodiversitéit



Mir huelen nëmmen den Iwwerschoss

Éier den Hunneg bei eis op den Dësch kënnt, déngt en de Beien als Fudder. Mir loossen all Vollek déi Reserven, déi et brauch. D'Wieder, d'Bléi an d'Entwécklung vum Vollek bestëmmen eis Aarbecht: Wann eng Recolte net méiglech ass, bleift den Hunneg ganz bei de Beien.

D'Beie verstoen a Wësse weiderginn

D'Hunnegbei an de respektvollen Ëmgang mat all Beievollek stinn am Mëttelpunkt vun eiser Veräinsaarbecht. Mir observéieren d'Entwécklung vun de Vëlker genee, erklären d'Zesummenhäng tëscht Beienzuucht a Biodiversitéit a vermëttelen praktescht Wëssen. D'asiatesch Runn schwätze mir do un, wou si de Schutz vun de Beie konkret betrëfft. D'Bei bleift ëmmer am Fokus vun eiser Aarbecht.

Suergfälteg, regional an nohalteg

Regional Imkereiprodukter, handgemaachte Käerzen aus Beiewuess a méiglechst laangliedeg oder weiderverwendbar Verpackunge verbannen de Genoss mat engem respektvollen Ëmgang mat natierleche Ressourcen.

Zwou Recolten, zwee Charakteren

Béid Hunnegzorte sinn am 500-g-Glas a gi vu Bléi, Wieder a Joreszäit geprägt



HON-001

Fréijoershunneg

8 € • 500 g

Mëll a fein am Goût. Den héije Rapsundeel gëtt him seng hell, equilibréiert Aart a mécht en ideal fir de Kaffisdësch, op d'Schmier oder an der Kichen.

HON-002

Summer-/Hierschthunneg

8 € • 500 g

Éischter kräfteg, herb an aromatesch. Hambier- a Schwaarzbierbléi souwéi Lann prägen dës Recolte. Ideal fir Marinaden, fir Zoossen ze verfeinere oder fir kräftéige Kéis ze begleeden.

Fir besonnesch Momenter

Zwee speziell Hunneg-Produkter fir ze genéissen, unzestoussen oder ze verschenken



GET-001

Hunnegdrëpp

20 € • 500 ml

Eng aussergewöhnlech Hunneglikör-Spezialitéit, där hiert Rezept mir iwwer méi wéi fënnef Joer ëmmer nees verfeinert hunn. Vill Versich a kleng Upassunge prägen den equilibréierte Charakter. De waarmen Hunnegton an déi fein ofgestëmmt Séiss maachen den Hunnegdrëpp zu engem besonnesche Genoss nom lessen, fir zesummen unzestoussen oder ze verschenken.

GET-002

Hunnegwäin

9 €

E charaktervolle Hunnegwäin mat enger feiner Hunnegnot fir gemittlech a festlech Momenter. Gutt gekillt passt en ideal fir zesummen unzestoussen an ass en originelle Kaddo aus der Imkerei.

Sauerhunneg an dräi Zorten

Haauptsächlech Äppellesseg an Hunneg, ergänzt mat de passenden Kraider



OXY-001

Salbei-Oxymel

12 € • 200 ml

Herb an aromatesch. Salbei gëtt traditionell mam Mond, Hals an der Verdauung a Verbindung bruecht. Am Verhältnis 1:10 mat Waasser oder Téi verdënne.

OXY-002

Ingwer-Zitroun

15 € • 250 ml

Frësch, zitrouneg a liicht schaarf. Ingwer an Zitroun maachen dës Zort zu engem wueldoenden, aromatesche Gedränk. 1-2 lesslöffelen an e Glas Waasser oder lauwarmen Téi.

OXY-003

Mënz-Oxymel

12 € • 200 ml

Ofkillend an erfrëschend am Goût. Mënz gëtt traditionell no engem lessen als angenehm empfongen. Am Verhältnis 1:10 mat Waasser oder Téi verdënne.

Oxymel ass en traditionellt Genossmëttel. Eist geneet Rezept bleift geheim. Et ersetzt keng medezinesch Behandlung. Schwanger Fraen a Fraen, déi nieren, sollten op Salbei-Oxymel verzichten.

Klassiker aus rengem Beiewuess

All Käerz gëtt op der Hand gegoss



KER-001

15 €

Beiekierf, grouss

Déi traditionell Kierfform mat feinen Detailer: e Bléckfang fir all Beiefrënd.



KER-002

15 €

Beienhaus, grouss

E klenge Beienhaus mat léif ausgeschaffte Wuesstrukturen.



KER-003

7 €

Rous

Eng kompakt Blummekäerz, där hir Rouseblieder besonnesch schéi mam Liicht spillen.



KER-004

12 €

Bier

En detailräiche Bier aus Beiewuess, dekorativ an ideal als Kaddo.

Formen aus der Natur

De waarmen Doft vum Beiewuess a fein ausgeschaffte Reliefen



KER-005

8 €

Schlank Käerz

Eng héich, elegant Form mat feine Reliefen, perfekt fir eng besonnesch Dëschdekoration.



KER-006

12 €

Dännenzap

Bëschatmosphär an eng natierlech Struktur fir all Joreszäit.



KER-007

8 €

Fräsch

E klengen originelle Bléckfang mat vill Charakter.



KER-008

12 €

Bliederkärerz

Dat markant Bliederrelief spillt besonnesch schéi mam Käerzeliicht.

Kleng Opmierksamkeeten

Kleng Forme vu Beiewuess, mat der Hand a mat Léift gemaach



KER-009

Qube

Kloer Form, kompakt Gréisst an e markante Waberelief.

8 €



KER-010

Beiekierf, kleng

Déi traditionell Beiekierfform als kleng Opmierksamkeet.

4 €



KER-011

Kéiseker

E sympathesche Bëschbewunner mat fein modelléierte Stachelen.

4 €

Esou gewanne mir eise Wues

D'Beie produzéieren de Wues selwer a bauen domat d'Wabe vun hirem Vollek. De Wues aus eiser Imkerei gëtt gesammelt an no Hierkonft getrennt. Duerno gëtt e lues ageschmolt, vu graffe Reschter befreit an e puermol suergfältig gefiltert. Esou bleift dëse wäertvollen natierleche Rohstoff am Kreeslaf a gëtt d'Grundlag fir eis Käerzen.

Figure mat Charakter

Handgegossen Beiewuessfiguren, räich un Detailer an natierlech eenzegaarteg



KER-012

10 €

Wichtel

E verspillte Wichtel mat grousser Mutz a ronner Nues.



KER-013

8 €

Eil

Déi grouss Aen an dat detailräicht Fiederkleed maachen si zu engem besonnesche Kaddo.

Vum Wues zur Käerz

Nom Botze gëtt de Beiewuess lues a méiglechst schounend erwiermt. Fir all Modell gi Form an Docht virbereet, éier de flëssege Wues op der Hand agegoss gëtt. D'Käerz kritt Zäit fir ofzekillen an haart ze ginn. Duerno gëtt si virsiichteg aus der Form geholl, kontrolléiert an op der Hand nogeschafft. Kleng Ënnerscheeder a Faarf, Uewerfläch a Gewiicht gehéieren zum natierleche Material: All Käerz ass eenzegaarteg.

Eng méi bewosst Kleeschers-Iwwerraschung

Hunnegkamellen, Léif verpaakt fir ze verschenken oder selwer ze genéissen



GES-001

Kleeschers-Tut

10 € · 300 g

Eng léif zesummegestallten Alternativ zu der gewéinlecher Séissegkeetentut, gefëllt mat enger Auswiel u Hunnegkamellen, Lutschen an Hunneg-Duebelbieren.

Fäerdeg fir ze verschenken

Déi transparent Tut mat Beiemotiv an der grousser Schleef mécht schonn beim Iwwerreeche Freed. Ideal fir Kanner, Famillen, Veräiner oder als kleng Opmierksamkeet an der Adventszäit.

D'Eis Beien Genosskëscht

Schéi verpaakt, räich gefëllt a mat regionalem Charakter



GES-002

100 €

Eis Beien Genosskëscht

Eng grouss Auswiel vun eise Spezialitéiten an enger schéiner Holzkëscht, dekorativ verpaakt a prett fir ze verschenken.

DRA SINN

1 Hunnegdrëpp · 1 Hunnegwäin · 1 Fréijoershunneg · 1 Summer-/Hierschthunneg · 1 Pak Hunneg-Duebelbieren · 2 grouss Käerzen · 1 Handvoll Hunnegkamellen · 1 schéin Holzkëscht

Eenzelwäert: 120 € · Als Këscht: 100 €

Asiatisch oder europäesch?

Vun uewe gesäit een d'Ënnerscheeder u Kierperfaarf, Hannerleif a Been am beschten



Asiatisch Runn

Vespa velutina · invasiv Aart



Europäesch Runn

Vespa crabro · heemesch Aart

Asiatisch Runn

- donkelen bis schwaarze Kierper
- eng breet orange Sträif
- schwaarz Been mat gielen Enden

Europäesch Runn

- routbronge Kapp a Broscht
- gielen Hannerleif mat donkeler Zeechnung
- routbrong Been

Bei enger Siichtung

Ofstand halen, eng Foto maachen an de Standuert un d'Naturverwaltung (ANF - Administration de la nature et des forêts) schécken. Kontakt a Meldung: neobiota@anf.etat.lu. Näschter ni selwer ewechhuelen. Méi Informatiounen: www.emwelt.lu



BeeVital VespaTrap

Faleservice mat Berodung

Opriichten, befëllen a betreien: e komplette Service

BeeVital VespaTrap



SER-001

150 € / Joer

Am Jorespräis dra sinn:

- Opriichten op der Plaz
- am Ganze dräi Befëllungen
- Lockstoff fir all Befëllung
- Berodung fir déi richteg Positioun
- weiderverwendbare System

150 € fir 12 Méint ab Bezuelung. Keen automateschen Abonnement a keng automatesch Verlängerung.

Firwat gezielt Handelen wichteg ass

D'asiatesch Runn joot Hunnegbeie virum Fluchlach a kann d'Vëlker staark belaaschten. Eng gezielt agesaten a reegelméisseg betreite Fal hëlleft bei der Bekämpfung an der Observatioun. Fir aner Insekten ze schützen, muss d'Fal reegelméisseg kontrolléiert ginn.

D'Ufaart an engem Ëmkrees vu 15 km ronderëm Miersch ass abegraff; doriwwer eraus 1 € pro zousätzleche Kilometer.

Esou bestellt Dir

Per E-Mail mat Produktnummer, Produktnumm an der gewënschter Quantitéit

eisbeien@gmail.com

Betreff: Bestellung

22 Produkter op ee Bléck

HON-001	Fréijoershunneg	8 €	KER-005	Schlank Käerz	8 €
HON-002	Summer-/Hierschthunneg	8 €	KER-006	Dännenzap	12 €
GET-001	Hunnegdrépp	20 €	KER-007	Fräsch	8 €
GET-002	Hunnegwäin	9 €	KER-008	Bliederkäerz	12 €
OXY-001	Salbei-Oxymel	12 €	KER-009	Qube	8 €
OXY-002	Ingwer-Zitroun	15 €	KER-010	Beiekierf, kleng	4 €
OXY-003	Mënz-Oxymel	12 €	KER-011	Kéiseker	4 €
KER-001	Beiekierf, grouss	15 €	KER-012	Wichtel	10 €
KER-002	Beienhaus, grouss	15 €	KER-013	Eil	8 €
KER-003	Rous	7 €	GES-001	Kleeschers-Tut	10 €
KER-004	Bier	12 €	GES-002	Eis Beien Genosskëscht	100 €

ZUSÄTZLECHT SERVICEANGEBOT

SER-001 · BeeVital VespaTrap · 150 € / Joer

150 € fir 12 Méint ab Bezuelung. Keen automateschen Abonnement a keng automatesch Verlängerung.